Gemengerot

# vum 18ten Juli 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Conseillère

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser d'Punkten 2.1., 2.2., 15, 16, 19.3., 20.10. et 20.12.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

Vereedegung vum Här Kevin Urbing als Gemengeconseiller

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 18ten Juli 2025. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)**, deelt am Numm vum SICA déi Nouvelle mat, dass de Chantier vum neie Centre de Ressources, virum Congé collectif am Zäitplang ass, a wäert an dem geplangten Zäitraum fäerdeg ginn.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)** deelt nach mat, dass de SICA an der leschter Kommiteessëtzung, vu datt eng Persoun fir länger Zeit ausfält, een neien administrative Mataarbechter agestallt huet, sou dass ab dem Hierscht, den administrative Staf nees komplett ass.

**D'Madamm Natacha Koch (CSV)** deelt mat, datt viru 14 Deeg d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen eng Entrevue mam Här Xavier Delposen, dem Coordinateur vum Comité de pilotage, deen am Kader vum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe virgesinn ass. An dëser Reunioun huet den Här Xavier Delposen erkläert wat d'Roll vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen ass an datt d'Biergeratelieren sou wéi alles wat de Pakt ugeet onofhängeg vun der genannter Kommissioun lafen. Deemno organiséiert de Comité de pilotage am Numm vun der Gemeng d'Eventer déi am Kader vum Pakt vum interkulturelle Liewen organiséiert ginn a d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe bleift eng eegestänneg Kommissioun a gëtt just mat derbäi geholl wa solle richteg Entscheedunge geholl ginn. Wéi fir beim Biergeratelier, gouf déi genannt Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe vum Comité de pilotage mat abezu fir zesumme mam Schäfferot eng Decisioun ze huelen.

Den Här Xavier Delposen huet erkläert dass d'Kommissioun iwwert déi Eventer an Demarchen informéiert ginn, déi d'Kommissioun an de Comité de pilotage zesummen ausféieren. Fir de Rescht funktionéiert de Comité de pilotage eegestänneg. D'Kommissioun vum interkulturellt Zesummeliewe bleift wéi se ass an organiséiert Eventer wéi d'„Soirée des nouveaux résidents" an de Chrëschtmaart. An der Inclusiounskommissioun, déi ëfters mat der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen zesummeschafft, ass dës Problematik och opkomm well d'Memberen net wousste ween wéi e Roll huet, dofir déi Erklärung vum Här Delposen.

**Den Här Marc Bissen (LSAP)** gëtt eng Zousazinformatioun zu dësem Sujet. De Pakt vum interkulturellen Zesummeliewe gesäit e Comité de pilotage vir, an an dësem Kommitee si Membere vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe vertrueden, dofir ass och deen Huddel do gewiescht. Effektiv sinn et zwou verschidde Gruppéierunge mä dozou muss een awer soen dass den Input vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen net manner wichteg ass.

Wat een nach zum partizipativem Budget ka soen, ass dass dësen an zwee opgedeelt ass. Een Deel wou Projete kënnen eragereecht ginn déi iwwert d'Kommissioun mat ofgestëmmt an aviséiert ginn, an een Deel wou d'Bierger kennen ofstëmmen. Et sinn iwwer 30 Iddien an dësem Atelier ausgeschafft ginn. D'Gemeng ass gespaant wat do derbäi eraus kënnt. Den Här vum Landwirtschaftsministère war och dobäi a kuckt eis Iddie betreffend der Finanzéierung iwwert Bäihëllefen am Kader vun der Duerfentwécklung. Dat kann d'Gemeng am Virfeld scho bewäerten a méi Budget zuer Verfügung stellen, well een Deel dovunner vum Landwirtschaftsministère iwwerholl gëtt. Dat mëscht d'Saach nach méi interessant. Si haten eng ganz proaktiv Manéier fir un d'Leit runzetriede fir dëst ze proposéieren.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, deelt mat dass et a punkto Personal zwou Neiegkeete gëtt. D'Madamm Shannon Baum koum aus hirem Congé sans solde zeréck a schafft nees am Biergerzenter. D'Madamm Erika Ebuen huet als Multimedia a Grafiker am Service Marketing a Kommunikatioun ugefaangen. Iwwert Béides ass d'Gemeng ganz frou.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** deelt zwou Informatiounen, zu Aarbechten déi dobausse stattfanne, mat. Virun der Gemeng an och an der Mamer - Keespelter Strooss virun der Kierch gouf vill geschafft. Dëse Weekend geet d'Kräizung, virun der Kierch an der Ollemer Strooss, erëm op. Virum Kollektivcongé geet de ganze Chantier an der Mamer Strooss och op. Dat heescht et kënnt e provisoreschen Teppech drop esou dass et erëm méiglech ass duerch Kielen ze fueren, mä natierlech ageschränkt och an der Vitess an zwar elo schonns mat 30 Stonnekilometer sou ewéi dat duerno wäert de Fall sinn. Dës Aarbechte gi gutt virun, bestätegt vum technesche Service, sou datt dës Ënn vun dësem Joer fäerdeg wäerte sinn. Och d'Bordür aus Steng gouf schonns geluecht soudatt een d'Breet vun der Strooss ka gesinn. Wéi gesot ass wärend dem Kollektivcongé d'Duerchfaart fir ee Mount garantéiert. Hannert der Façade vum Café Lippert goufen Ausgruewunge gemaacht bei deenen näischt fonnt gouf. Um Ufank wou gebaggert gouf wor een op Paweesteng gestouss, wou ee stutzeg ginn ass ob et sech eventuell ëm e Wee gehandelt huet. Bei den Ënnersichungen ass awer näischt dobäi erauskomm, sou dass d'Gemeng en éischte Bréif krut huet vum zoustännege Büro an deem dra stoung dass näischt fonnt gouf wat weider Gruewungen an Analyse géif rechtfertegen. Et feelt just nach d'Bestätegung vun der INPA (Institut national de recherches archéologiques). Wann dës antreffe wäert, kéinten d'Aarbechten nom Kollektivcongé am Hierscht ufänken. Déi éischt Aarbechten, déi am Kader vun dësem Projet wäerte stattfannen, ass d'Amenagement vum Keller. Glécklecherweis kënnt Beweegung an dëse Projet well zur Zäit gesäit et ganz trist aus um Site. Wann d'Aarbechten awer bis ofgeschloss sinn, wäert et ganz flott ausgesinn.

### *O. Kreatioun vun engem Poste fir e Coordinateur fir Sport*

Et geet ëm eng Ufro fir d'Kreatioun vun engem Poste fir Coordinateur fir Sport. DP huet e Méindeg de Moien, nom gesetzlechen Delai wou d'Convocatioune fir déi nächst Gemengerotssëtzung musse verschéckt sinn, awer nach gesetzlechen Delai wou d'Membere vum Gemengerot kënne e Punkt op Dagesuerdnung bäisetzen, eng Mentioun geschéckt betreffend d'Kreatioun vun engem Poste fir e Coordinateur fir Sport. Et gëtt proposéiert dass e Vertrieder vun der DP dëse Punkt virstellt.

**D'Madame Maryse Frantzen (DP)**, wëll bei der Geleeënheet matdeelen, dass d'Konzept vun engem Coordinateur fir Sport eppes ass wat ëmmer mei opkënnt. Aktuell hu schonns 15 oder 16 Gemengen een. Eis Nopeschgemenge Stengefort, Käerch a Garnech sichen am Moment e Coordinateur fir Sport , deen da 40 Stonnen zu Stengefort wäert agestallt ginn. Am Ufank gëtt dëse Posten zu 80 Prozent subventionéiert. Dat geet da spéiderhi réckleefeg erof. Ab dem 9tem Joer sinn et just nach 20 Prozent wou de Salaire finanzéiert gëtt. Ab deem Moment bleift et dann awer bei deenen 20 Prozent. Et géif sech effektiv gutt ubidden, well de Gemengerot jo säin Akkord wäert stëmme fir Grënnung vun engem Syndikat tëschent der Gemeng Kielen an der Gemeng Koplescht, fir d'Verwaltung vun enger Schwämm. An senger Funktioun soll de Coordinateur fir Sport eventuell dëse Projet an och aner Projete begleeden, notamment wann déi nei Sportshal gebaut gëtt et cetera fir eben der Gemeng zur Säit ze stoen. D'Gemeng wiisst immens vill. Geschwë gëtt et zwee Schoulsitten an der Gemeng Kielen dohier wär dëse Poste wierklech eng Plus-value fir den Echange mat de Schoulen, Veräiner an der Gemeng selwer. Dëst erméiglecht och eventuell Probleemer besser ze léisen. Dëst wär e gudde Lien tëscht all den Acteuren.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** freet **d'Madame Maryse Frantzen (DP)** op si méi iwwer d'Erfarungswäerter op den anere Gemenge weess. Dozou erklärt den **Här Patrick Krecké (DP)**, dass een nach keng Erfarungswäerter direkt ronderëm hätt, vu datt Stengefort jo eréischt amgaangen ass e Coordinateur ze sichen zesumme mat Käerch a mat Garnech. Et misst ee vläicht bei de méi grousse Gemengen nofroen. D'Stad Lëtzebuerg, Diddeleng an Hesper wäerte schonns een hunn.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, deelt nach mat, dass de Schäfferot dës Mentioun zur Kenntnis geholl huet an dass d'Iddi dohannert ganz interessant ass. Hien freet no Versteesdemech, vu datt d'Ufro eréischt nom Delai vun der Convocatioun zum nächste Gemengerot un d'Gemeng geschéckt gouf an datt de Schäfferot nach keng Méiglechkeet hat weider doriwwer ze schwätzen, respektiv en Echange ze hunn, wéi gesot net am Schäfferot, net an der Koalitioun, an och soss net. De Schäfferot proposéiert dass dës Mentioun weider un d'Sportskommissioun gereecht gëtt fir een Avis ze kréien. Opgrond vun dem Avis, deen de Schäfferot da kritt, setzt dësen sech nach eng Kéier zesumme fir iwwert dëse Sujet ze schwätzen, well dat géif och eng weider Pai mat sech bréngen. De Schäfferot muss kucke wéi an ab wéini e Poste vun engem Coordinateur kéint geschaf ginn, mee vun der Iddi hier, ass et eng interessant Demarche. De Schäfferot ass sech eens an et soll doriwwer ofgestëmmt ginn, dass d'Mentioun weidergereecht gëtt un d'Sportskommissioun fir en Avis ofzeginn. Ab deem Ament géif dat ganzt Konzept nach eng Kéier duerchdiskutéiert ginn an zum passendem Zäitpunkt op Dagesuerdnung vum Gemengerot gesat ginn.

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, freet de Gemengerot op dësen domadder averstanen ass. De Gemengerot hält dëse Punkt eestëmmeg un.

### *1. Ranguerdnung vum Gemengerot vun der Gemeng Kielen*

No der Demissioun vum Här Romain Kockelmann als Gemengeconseiller an der Assermentatioun vum Här Kevin Urbing an der haiteger Sëtzung, beschléisst de Gemengerot déi nei Ranguerdnung vum Gemengerot an der Gemeng Kielen festzehalen.

| Nom et prénom | Date d'entrée en fonctions | Rang d'ancienneté |
|---|---|---|
| KOHNEN Guy | 11/11/1997 | 1 |
| BISSEN Marc | 06/01/2010 | 2 |
| EISCHEN Félix | 23/11/2011 | 3 |
| BONIFAS Larry | 23/11/2011 | 4 |
| NOESEN-HEINTZ Nathalie | 27/09/2013 | 5 |
| BREDEN Guy | 23/11/2017 | 6 |
| KRECKÉ Patrick | 11/06/2021 | 7 |
| MEYER-DEITZ Claudine | 09/02/2022 | 8 |
| KOCH Natacha | 21/10/2022 | 9 |
| MOLITOR Max | 04/07/2023 | 10 |
| GESCHWIND Cheryl | 04/07/2023 | 11 |
| FRANTZEN Maryse | 04/07/2023 | 12 |
| URBING Kevin | 18/07/2025 | 13 |

### *2. Syndikater*

#### *2.1. SIDERO – Ernennung vun engem Delegéierten*

No der Demissioun vum Här Romain Kockelmann als Gemengeconseiller, muss hien als Delegéierten, vun der Gemeng Kielen am Syndikat SIDERO remplacéiert ginn. Deemno ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott, den Här Kevin Urbing als Delegéierten deen d'Gemeng Kielen innerhalb vum SIDERO soll representéieren.

#### *2.2. SIDOR – Ernennung vun engem Delegéierten*

No der Demissioun vum Här Romain Kockelmann als Gemengeconseiller, muss hien als Delegéierten, vun der Gemeng Kielen am Syndikat SIDOR remplacéiert ginn. Deemno ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott, d'Madamm Natacha Koch als Delegéierten déi d'Gemeng Kielen innerhalb vum SIDOR soll representéieren.

### *3. „Galerie bei der Kierch" – Demissioun vun engem Member*

Den Här Romain Kockelmann huet säi Wëlle matgedeelt als Member vum Kommitee fir d'Gestioun vun der „Galerie bei der Kierch" ze demissionéieren. Deemno approuvéiert de Gemengerot Demissioun vum Här Romain Kockelmann als onofhängegen an neutrale Member vum Kommitee fir Gestioun vun der „Galerie bei der Kierch".

### *4. Constructioun an Exploitatioun vun enger interkommunaler Schwämm zu Kielen – Grondsaz Entscheedung fir d'Kreatioun vun engem interkommunale Syndikat*

D'Gemenge Kielen a Koplescht hu sech positiv fir d'Verwierklechung vun engem Bauprojet an d'Exploitatioun vun enger interkommunaler Schwämm, um Territoire vun der Gemeng Kielen, geäussert. Et ass wichteg ze erwänen dass de Bau vun enger Schwämm de Gemenge Kielen a Koplescht d'Méiglechkeet gëtt, dass d'Kanner aus der Primärschoul kënne léieren ze schwammen. Mä awer och dass Bierger kënnen u Coursen deelhuelen déi an der Schwämm ugebuede ginn. Deemno, approuvéiert de Gemengerot d'Grondsaz Entscheedung fir zesumme mat der Gemeng Koplescht en interkommunaalt Syndikat fir de Bau an d'Exploitatioun vun enger interkommunaler Schwämm zu Kielen ze grënnen. Weider decidéiert de Gemengerot de Schäfferot ze beoptragen zesumme mat der Gemeng Koplescht e Projet fir Statute vun engem interkommunale Syndikat auszeschaffen.

### *5. Aktualiséierung vum Plang fir d'Gestioun vum Waasser fir den Zykle 4 (2027-20233)*

D'Objektiv vun der Aktualiséierung vum Plang vun der Gestioun vum Waasser fir den Zykle 4 (2027-2033) ass, dass Qualitéit vun eise Ressourcen Uewerflächewaasser a Grondwaasser zu Lëtzebuerg bis 2027, mat Matwierkung vun alle betraffenen Acteuren ze verbesseren. D'AGE (Administration de la gestion de l'eau) koordinéiert dëse Prozess an Zesummenaarbecht mat villen Partneren, dorënner Gemengen, Baueren, Ministèren an ONGen. Doriwwer eraus ëmfaasst de Moossnameprogramm virun allem Aktiounen an de Beräicher Landwirtschaft, Ëmgang mam Ofwaasser, ökologesch Kontinuitéit vu Gewässer an de Schutz vun de Ressourcen u Waasser. Zil ass et, d'Efforte besser ze koordinéieren an d'Hindernisser fir d'Ëmsetzung vun de Moossnamen ze eliminéiere fir d'Objektiver punkto Ëmwelt ze erreechen. Den endgültege Plang, dee Stellungnam vun der Ëffentlechkeet souwéi d'Evolutioun vun der Ëmwelt berücksichtegt, gëtt am Dezember 2027 veréffentlecht an der europäescher Kommissioun iwwermëttelt. Am Kader vun der Aktualiséierung vum 4 Plang fir d'Gestioun vum Waasser gëtt d'Ëffentlechkeet vun der AGE consultéiert fir e Bäiträg zum Projet ze leeschten a bei follgende Froe Stellung ze huelen:

- Soll een eng oder méi Phase vum Aarbechtsprogramm bäigefüügt, geännert oder gestrach ginn?
- Ass d'Lëscht vun de Participanten an all Phase richteg a vollständeg?
- Ass d'Roll vun deenen eenzelnen Participanten am Kader vun all Phase korrekt beschriwwen?
- Sinn all d'Méiglechkeete vun der Bedeelegung vun de Participanten am Opbau vum 4 Plang vun der Gestioun vum Waasser an de Moossnameprogramm adequat?

An dem Kontext, beäntwert de Gemengerot all d'Froe mat engem Jo.

### *6. Verlängerung vun der Kanalisatioun fir Reewaasser an der rue d'Olm zu Nouspelt – Contrat d'ingénieur*

Fir dëse Projet ze realiséiere proposéiert de Schäfferot mat Schroeder & Associés zesummenzeschaffen. Deemno soll e Contrat d'ingénieur vu 57.729,77 Euro ofgeschloss ginn. Dëse Kontrakt ëmfaasst ënnert anerem d'Prestatiounen, d'Honorairen, Modifikatioune souwéi d'Koordinatioun wat d'Sécherheet ubelaangt an den detailléierten Devis. Fir en Deel vun dëse Käschten iwwert d'Waasserwirtschaftsamt kënnen ze recuperéieren, gëtt och eng Demande fir d'iwwerhuele vun de Käschten agereecht.

### *7. Donen / Subsiden*

#### *7.1. Divers Subsiden (2ten Trimester vum Joer 2025) vun engem Montant vun 1.750 Euro*

De Gemengerot spent follgend Subventiounen un national an international humanitär Associatiounen déi am zweeten Trimester 2025 eng Subventiounsufro agereecht hunn:

| | | DEMANDEUR | | | | 2025 / 2ième trimestre (avril-juin) | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| N° | N° Fournisseur | Nom | Forme juridique | Localité | Article budgétaire | date demande | montant |
| 1 | 53815 | Een Herz vir Streuner | A.S.B.L. | Luxembourg | 3/192/648110/99001 | 02/05/2025 | 125,00 € |
| 2 | 34533 | Association nationale des victimes de la route | A.S.B.L. | Howald | 3/192/648110/99001 | 02/05/2025 | 125,00 € |
| 3 | 53834 | Trauerwee asbl | A.S.B.L. | Tétange | 3/192/648110/99001 | 08/05/2025 | 125,00 € |
| 4 | 47330 | Amicale du Groupe Cynotechnique | A.S.B.L. | Schifflange | 3/192/648110/99001 | 12/05/2025 | 125,00 € |
| 5 | 44053 | Fédération Régionale des Corps de Sapeurs-Pompiers CENTRE | | Mersch | 3/192/648110/99001 | 27/05/2025 | 125,00 € |
| 6 | 41181 | Centre de soins pour la faune sauvage (Fleegestatioun fir wëll Déieren) | A.S.B.L. | Dudelange | 3/192/648110/99001 | 03/06/2025 | 125,00 € |
| 7 | 13617 | Fondation Hëllef fir d'Nature | FOND | Kockelscheuer | 3/192/648110/99001 | 10/06/2025 | 125,00 € |
| 8 | 39266 | Fédération Luxembourgeoise de Tennis de Table (FLTT) | A.S.B.L. | Strassen | 3/192/648110/99001 | 11/06/2025 | 125,00 € |
| 9 | 50557 | Ambulanz Wonsch | A.S.B.L. | Rambrouch | 3/192/648110/99001 | 13/06/2025 | 125,00 € |
| 10 | 28798 | Chrëschte mam Sahel | ONG | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 01/04/2025 | 125,00 € |
| 11 | 32670 | Hoffnung fir d'Kanner vun Tschernobyl | A.S.B.L. | Olm | 3/191/648110/99001 | 09/04/2025 | 125,00 € |
| 12 | 53765 | Rokku Mi Rokka | A.S.B.L. | Ettelbrück | 3/191/648110/99001 | 22/04/2025 | 125,00 € |
| 13 | 35258 | PADEM | ONG | Dudelange | 3/191/648110/99001 | 23/05/2025 | 125,00 € |
| 14 | 47991 | Tukwataniise | A.S.B.L. | Syren | 3/191/648110/99001 | 26/06/2025 | 125,00 € |
| | | | | | | total: | 1.750,00 € |

Tableau: 7.1. Divers subsides

### *7.2. Brooklyn Zoo ASBL – Ausseruerdentleche Subsid*

Den Darts-Club BROOKLYN ZOO huet säit kuerzem säi Sëtz an der Gemeng Kielen. Dëse Club, deen de Moment 33 Memberen zielt, huet eng Ufro fir eng Subventioun agereecht. Fir dësem Veräin eng Hëllef fir e gudde Start ze ginn, proposéiert de Schäfferot fir e Subsid vun 1.500,00 Euro ze accordéieren. Deemno approuvéiert de Gemengerot dësen Devis an Héicht vun 1.500,00 Euro.

### *7.3. Donen als Kompensatioun fir Kaddoen am Kader vu Gebuerten, vu Gebuertsdeeg an Hochzäiten*

De Gemengerot spent d'Subsiden, déi dank de Persounen déi op hier Kaddoe verzicht hunn, u follgend Associatioun:

| Association | Forme juridique | Article budgétaire | Montant |
|---|---|---|---|
| Croix-Rouge luxembourgeoise Section Kehlen | Asbl | 3/192/648110/99001 | 1.480,00 € |

## *8. Patrimoine vun der Gemeng – Decisioun bezüglech Transaktioun vu maritimme Containeren*

Zwee Containere goufen zum Preis vu 4.600,00 Euro ouni TVA (5.382,00 Euro mat TVA) bei der Entreprise „Den Mobilen Handwierker s.àr.l." kaf. Dës Containere goufen zäitweileg installéiert fir dem FC Kielen ze erméiglechen iwwert Räim fir Stockage ze verfüge wärend dem Bau vun neie Vestiairë mat enger Buvetten an Annexe beim Stade Albert Berchem zu Kielen. De Schäfferot proposéiert des zwee maritim Containeren nees un déi selwecht Entreprise zeréck ze verkafen zu engem Preis vu 4.000,00 Euro TTC. Deemno decidéiert de Gemengerot déi zwee genannte Containeren zu engem Preis vu 4.000 Euro TTC ze verkafen an dës aus dem Patrimoine vun der Gemeng erauszehuelen.

## *9. Akten / Compromisen / Konventiounen / Bailen*

### *9.1. Verkafsakt fir de Kaf vun enger Parzell situéiert um Uert „Rue de Schoenberg" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°12598 deen de 4ten Juli 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Societéit Feehold Capital ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng d'Parzell n°811/7623, Strooss, mat enger Surface vun 0,23 Ar, situéiert um Uert „Rue de Schoenberg", Sektioun A vu Kielen fir e gesamt Präis vun 230,00 Euro.

### *9.2. Verkafsakt fir d'Vente vun 2 Parzelle situéiert vum Uert „rue de Capellen" zu Ollem*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°12597 deen de 4ten Juli 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Madamm Margot Yvonne Bichler ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°643/2475, Plaz, mat enger Surface vun 0,79 Ar an d'Parzell n°643/2476, Plaz, mat enger Surface vun 0,94 Ar, situéiert um Uert „rue de Capellen", Sektioun B vun Ollem fir de Präis 86.500,00 Euro.

### *9.3. Compromis fir de Kaf vun enger Parzell situéiert um Uert „Auf Eichebeichel" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen de 9ten Juli 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Myriam Anne Albertine Schummers ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng d'Parzell n°1699/7523, Strooss, mat enger surface vun 0,17 Ar, situéiert um Uert „Auf Eichebeichel", Sektioun A vu Kielen fir e Montant vun 170,00 Euro.

### *9.4. Compromis fir de Kaf vun enger Parzell situéiert um Uert „Auf der Burg" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen den 9ten Juli tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Pauline van Wissen ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng d'Parzell n°1758/7529, Strooss, mat enger Surface vun 0,24 Ar, situéiert um Uert „Auf der Burg", Sektioun A vu Kielen fir e Montant vun 240,00 Euro.

### *9.5. Compromis fir de Kaf vun zwou Parzelle situéiert um Uert „Auf der Burg" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis den den 9ten Juli 2025 tëschent der Verwaltung vu Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, an dem Här Jean Joseph Feyereisen ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng d'Parzell n°1761/7533, Strooss, mat enger Surface vun 0,23 Ar an d'Parzell n°172/7535, Strooss, mat enger Surface vun 0,38 Ar, situéiert um Uert „Auf der Burg", Sekioun A vu Kielen fir e Montant vu 610,00 Euro.

### *9.6. Office Social Commun vu Mamer (OSCM) – Konventioun fir d'Joer 2025*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun vum 17ten Januar 2025 déi tëschent dem Staat, vertruede vum Familljeminister, den Här Max Hahn, de Gemenge Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng, Mamer a Recken op der Mess, vertrueden duerch hire jeeweilege Schäfferot an dem gemeinsamen Office social vu Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng Mamer a Recken op der Mess, vertrueden duerch hiere Conseil d'administration, den Här Marcel Schmit, ënnerschriwwe gouf.

### *9.7. Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s – Konventioun*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun, déi de 24ten juin 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s., vertrueden duerch hir Gerante, d'Madamm Elisabeth Fontaine, ofgeschloss gouf. Dës Konventioun bezitt sech op de Musekssall vu Kielen a fixéiert déi generell Konditiounen, d'Klausel fir d'Liwwerungen an d'Lafzäit vun 10 Joer ab dem 1ten Mee 2025.

### *9.8. Kielener Buvette – Bail mat der Mathëllef ASBL*

De Gemengerot approuvéiert de Bail deen den 9ten Juli 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der ASBL Mathëllef, vertrueden duerch hire Präsident, den Här Nicolas Dusseldorf an hire Chargé de direction, den Här Thierry Ries, ënnerschriwwe gouf. Dëse Bail betrëfft d'Lokaler déi fir en therapeuteschen Atelier a fir e Restaurant mam Numm „The Score" an de Vestiairë mat Buvette am Stade Albert Berchem solle genotzt ginn. Déi genannte Lokaler hunn eng kommerziell Surface vun ongeféier 701,15 $m^2$ a si situéiert op 2 rue de Nospelt zu Kielen.

## *10. Naturpakt*

### *10.1. Gebaier vun der Gemeng a PAPen déi Natur respektéieren*

De Gemengerot decidéiert am Kader vum Naturpakt déi follgend ekologesch Mesür ze huelen:

- Mesure 2.12 « Bâtiments communaux et PAP respectueux de la nature »

Geméiss de Recommandatiounen am Kader vum Naturpakt, muss eng Checklëscht mat Critèrë fir Natur ze respektéiere bei der Planifikatioun vun de zukünftege Bauprojeten a PAPen (Plan d'aménagement particulier) consideréiert ginn.

### *10.2. Cahier des charges deen eng nohalteg Alimentatioun an de Kantinne promouvéiert*

Am Kader vum Naturpakt gesäit de Punkt 6.5. vum Mesurëkatalog vir, dass d'Gemeng hier Depensë fir biologesch Liewensmëttel an der Schoulkantin iwwert 50% fixéiert. Heizou kann ee soen, dass d'Gemeng 2024 eng nei Ausschreiwung fir d'Restauratioun an der Schoul lancéiert huet. Do gouf festgehalen dass 50% vun de Liewensmëttel biologesch zertifizéiert musse sinn. Deemools krut Sodexo den Optrag. Am Joer 2024 konnt d'Gemeng mat 50,85% u biologesche Liewensmëttelen déi mannst Fuerderung schonns erreechen. De Gemengerot decidéiert de Pourcentage vun de Depensë fir de Kaf vu biologescher Narung iwwer 50% vun de järlechen totalen Depense fir biologeschen Iesswueren.

## *11. Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen – Speziale Kredit fir d'Servicer vun engem Koordinator*

Fir kënnen déi obligatoresch Missioune vum Coordinateur vum Comité de pilotage, deen am Kader vum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe virgesinn ass, ze assuréieren, huet de Gemengerot de 27ten Juni 2025 e Representant vun der Societéit Act2t als Coordinateur genannt. An deem Kontext gouf e Kontrakt tëschent der Societéit Act2t an dem Schäfferot ënnerschriwwen an dëst fir e Montant vu 60.000 Euro ouni TVA. Et ass wichteg ze erwänen dass d'Gemeng Subside vum Familljeministère kritt an Héischt vun dësem Betrag. Mä vu datt d'Gemeng d'Sue fir dëse Prestataire muss virstrecken, well de Betrag deen am Budget stoung virgesi war fir de Finanzement vun engem Mataarbechter vun der Gemeng, ass de Gemengerot gebieden sech zu engem spezial Kredit vu 60.000 Euro ouni TVA ze äusseren.

## *12. Kollektivvertrag vun de Salariéë vun der Gemeng Kielen – Avenant*

De Gemengerot decidéiert, opgrond vun engem materielle Feeler, de Vott vum Avenant zum Kollektivvertrag fir d'Salariéë vun der Gemeng Kielen op eng spéider Sëtzung ze reportéieren.

## *13. Kommissiounen*

### *13.1. Familljekommissioun – Demissioun vun engem Member*

Unhand vun hirem Bréif vum 30ten Juni 2025, huet Madamm Caroline Graas hir Demissioun aus der Familljekommissioun agereecht. An deem Kontext, approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun. D'Familljekommissioun setzt sech deemno aus follgende Memberen zesummen:

| N° | Nom & Prénom | | Localité | Fonction |
|---|---|---|---|---|
| 1 | KOCH Natacha | CSV | Nospelt | **Secrétaire** |
| 2 | FRIEDERES Georges | CSV | Nospelt | membre |
| 3 | BIVER Marie-Anne | CSV | Nospelt | membre |
| 4 | MEYER-DEITZ Claudine | LSAP | Kehlen | **Présidente** |
| 5 | WELTER-SALLAI Monique | LSAP | Olm | membre |
| 6 | DA COSTA ROSA Ricardo | DP | Keispelt | membre |
| 7 | GRAAS-LUCCHINI Danièle | déi gréng | Nospelt | membre |
| 8 | WACKERS Marie Paule | neutre | Nospelt | membre |
| 8 | LANNERS Marc | neutre | Keispelt | membre |
| 10 | PELLER-SCHLOESSER Josette | neutre | Keispelt | membre |
| 11 | MAAS Marc | neutre | Kehlen | membre |
| 12 | vacant | neutre | | membre |
| 13 | THILL Fernand | neutre | Nospelt | membre |

### *13.2. Kulturkommissioun – Demissioun vun engem Member*

Unhand vun hirem Mail vum 27ten Juni 2025, huet d'Madamm Canan Çiçek hir Demissioun als Member vun der Kulturkommissioun agereecht. Deemno, approuvéiert de Gemengerot dës Demissioun.

### 13.3. Kulturkommissioun – Nominatioun vun engem Member

Déi politesch Partei 'déi gréng' proposéiert den Här Paul Thiltges vun Dondel als Vertrieder vun der Partei innerhalb vun der Kulturkommissioun ze nennen. Deemno, stëmmt de Gemengerot unhand vun engem geheime Vott den Här Paul Thiltges als Member vun der genannter Kommissioun déi sech also follgendermoossen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction | Localité |
|---|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | **Secrétaire** | Olm |
| 2 | REDING Paul | CSV | Membre | Dondelange |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | Membre | Olm |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | **Présidente** | Keispelt |
| 5 | DREWS Frank | LSAP | Membre | Nospelt |
| 6 | KRECKÉ Patrick | DP | Membre | Nospelt |
| 7 | THILTGES Paul | déi gréng | Membre | Dondelange |
| 8 | WACKERS Marie-Paule | neutre | Membre | Nospelt |
| 9 | ADAM Joël | neutre | Membre | Kehlen |
| 10 | GERGES André | neutre | Membre | Dondelange |
| 11 | SUYS Willy | neutre | Membre | Kehlen |
| 12 | NOESEN Philippe | neutre | Membre | Keispelt |
| 13 | EICHER-SCHMITT Myriam | neutre | Membre | Kehlen |

## 14. Reamenagement vun der Kräizung tëschent der rue de Nospelt (CR104a) an der rue de Keispelt (CR102) zu Kielen

D'Gemeng Kielen huet den Ingenieursbüro Schroeder & Associés beoptraagt fir de Projet vum Reamenagement vun der Kräizung tëschent der rue de Nospelt an der rue de Keispelt zu Kielen auszeféieren. Dëse Projet gesäit vir d'Securitéit an d'Accessibilitéit vun der Kräizung ze verbesseren, souwuel fir déi Leit déi mat engem Gefier ënnerwee si wéi och fir d'Foussgänger a virun allem fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit. Aner Objektiver vun dësem Projet sinn, dass verschidden ënnerierdesch Infrastrukturen deplacéiert ginn. Deemno ginn d'Kanalisatioun fir d'Mëschwaasser an d'Waasserleitung déi zurzäit ënnert dem Trottoir verlafen an d'Strooss verluecht fir Raum fir déi künfteg Uewerflächenaarbechten ze schafen a fir d'Accessibilitéit fir d'Maintenance ze optimiséierten. De Gesamtprojet wäert 825.000,00 Euro TTC kaschten, beinhalt allerdéngs Aarbechten an der Héicht vun 250.000,00 Euro, déi schonn am Budget 2025 stinn. Deemno, stëmmt de Gemengerot dëse Projet vun insgesamt 825.000,00 Euro, also da reell 575.000,00 Euro, an och Decisioun dass déi scho budgetiséiert 250.000,00 Euro op dësen neie Projet transferéiert ginn.

## 15. Punktuell Modifikatioun vum PAP QE vun der Gemeng Kielen

De Gemengerot approuvéiert d'Propositioun betreffend der ponkutelle Modifikatioun vum PAP QE (plan d'aménagement particulier « quartier existant ») vun der Gemeng Kielen.

- Motivatiounsrapport fir d'Konformitéitsanalys duerch de Schäfferot, Versioun Mee 2025
- Schrëftlechen Deel, koordinéiert Versioun fir d'Konformitéitsanalys duerch de Schäfferot

## 16. 'Compte administratif' a 'Compte de gestion' 2023

D'Direktioun vum Kontroll vun der Gemengecomptabilitéit vum Inneministère huet e Rapport bezüglech der Iwwerpréiwung vum 'Compte administratif' a vum 'Compte de gestion' vum Exercice 2023 vun der Gemeng Kielen den 11ten Juni 2025 opgestallt. De Schäfferot huet de 4ten Juli 2025 Positioun zum Rapport bezüglech der Iwwerpréiwung vum 'Compte administratif' geholl. De Receveur huet de 4ten Juli 2025 Positioun zum Rapport bezüglech der Iwwerpréiwung vum 'Compte de Gestioun' geholl. An deem Kontext hält de Gemengerot provisoresch de 'Compte administratif' an de 'Compte de gestion' vum Exercice 2023 fest mat engem definitive Boni vun 13.054.510,78 Euro.

## 17. Confirmatioun vun urgent Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Gemengerot confirméiert zwee urgent Verkéiersreglementer vum Schäfferot, an zwar an der rue d'Olm zu Kielen fir d'Installatioun vun engem Container opgrond vun enger Plënner an dëst ab dem 15ten Juli 2025 bis den 18ten Juli 2025 an an der Avenue Grand-Duc Jean zu Ollem fir Aarbechte fir de Waasser an de Gas Uschloss vum Gebai n°2 an der rue Michel Welter zu Ollem an dëst ab dem 10ten Juli 2025 bis de 25ten Juli 2025.

## 18. Ugeleeënheete vum Personal

### 18.1. Kreatioun vun 10 zousätzleche Poste fir Gemengenemployéen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot kreéiert 10 zousätzlech Poste fir Gemengenemployéen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 18.2. Kreatioun vun 10 zousätzleche Poste fir Gemengenemployéen an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot kreéiert 10 zousätzlech Poste fir Gemengenemployéen an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 18.3. Maison pour Tous Elmen – Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot kreéiert e Poste fir e Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Administratives.

# GESCHLOSSE SËTZUNG

## 19. Ugeleeënheete vum Personal – Verwaltung

### 19.1. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir Besoine vum Personalbüro

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir Besoine vum Personalbüro.

### 19.2. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

### 19.3. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Administratives – Maison pour Tous

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott e Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Administratives fir d'Gestioun vun der Maison pour Tous.

### 19.4. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir Besoine vum technesche Service

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir Besoine vum technesche Service.

### 19.5. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Technesch

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Technesch.

## 20. Ugeleeënheete vum Personal – Kommunalen Erzéiungs an Empfangdéngscht fir Kanner

### 20.1. Demissioun vun engem Employé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot approuvéiert eng Demissioun vun engem Employé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.2. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.3. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.4. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.5. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.6. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.7. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.8. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.9. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.10. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.11. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.12. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.13. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### 20.14. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen,

d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### *20.15. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### *20.16. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### *20.17. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### *20.18. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### *20.19. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

### *20.20. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Employé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales*

De Gemengerot decidéiert d'Modifikatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales.

OSCM

OFFICE SOCIAL

**Inês Figueiredo,**
Assistante sociale Communes :
Kehlen, Mamer (maisons no pairs)

Tél. : **26 11 37-27**
Gsm : **621 267 162**
**ines.figueiredo@oscmamer.lu**

**Permanence à Kehlen:**
(maison communale) les consultations se font **chaque 2ème mercredi sur rendez-vous** de 14h00 à 15h00.

JoDan Services Sarl
"We leave the competition in the dust!"

We provide all cleaning services:

- General cleaning
- Spring cleaning
- Ironing
- Gardening
- DIY
- Office cleaning
- Post event cleaning
- Pre/Post tenancy cleaning

The services are performed by professionally vetted and trained individuals with excellent references.

For more details please contact us on:
Mobile: +352 691 242392
+352 691 242396
Email: judith.@jodanservices.lu
www.jodanservices.lu